# Commission des Jeunes FSCL

Rapport de la réunion du lundi 11 septembre 2023

à la Maison des Sports Josy Barthel

| | |
|---|---|
| Präsenzen : | MM. Richard SPAUTZ, Marco SCHMITZ, Steve URBAN, Guy KRUCHTEN, Claude MAGAR, Romain ENGELS. |
| Entschëllegt : | Mme Suzie GODART, Marco SCHMIT, Dirk PÜTZ. |
| Assistéiert: | M. Camille DAHM, Président fédéral. |

Well déi Epreuve Jeunes (Technikofzeechen, Hirondelle Schëtter) vu Sonndes, dem 10. September ofgesot gouf an éventuell op den 28. Oktober soll verluecht gin as eis Réunion, aus perséinleche Grënn vun e puer Memberen, vum 4. September op Méindes den 11. September an der Maison des Sports verluecht gin.

1. **<u>Adaptatioun vum Rapport vum 03. Juli 2023.</u>**

De Präsident freet op all Member de leschte Rapport gelies huet an op ggf eng Ännerung misst gemaach gin. D'Memberen haten näischt ze monéieren an de Rapport ass eestëmmeg ugeholl gi.

2. **<u>Upassung vum Rapport de Course JEUNES vu Schëffleng den 8. Juli 2023.</u>**

Delegéierten: Ed Wagner;
Secretaires techniques: Claude Majerus a Richard Spautz;
Juge à l'arrivée : Claire Faber ;
Chrono : Ed Wagner ;
Directeur de course : Claude Magar.
Am Ganze si 64 Kanner do matgefuer: 6 BAMBI 1; 16 BAMBI 2; 18 BAMBI 3; 12 BENJAMIN 1; 12 BENJAMIN 2.
D'Kanner krute Coupen a Medaillen vun der LP 07 Schëffleng.
Et si keng Reklamatioune vum Organisateur nach vu Coureuren (Elteren) komm.
Keng Chute grave.

3. **<u>Déclaration d'indemnité vum Alex Magar</u>**.

Den Alex Magar huet séng Opstellung vu sénger Aarbecht schrëftlech présentéiert wéi dat vum CA gefrot gouf. Dëse Mëttwoch 13. September gëtt am CA ofgestëmmt.

(den *CA huet eestëmmeg Jo gesot mee et as gefrot gin, datt d'Secretariat vun der FSCL de Layout geschéckt misst kréien an d'FSCL duerno Propriétär dovunner4 wär.)*

4. **Annulatioun vun der Epreuve « Technikofzeechen ».**

Lecture vum Bréif vum Här Marc Logelin, Präsident vun VC l'Hirondelle Schuttrange, an deem hie matdeelt, dass si Technikofzeechen dëst Joer net kënne maachen mat séngen Grënn. Et gëtt proposéiert, dass e feste Datum vir d'Organisatioun vum Technikofzeechen 2024 um nächsten Kalennerkongress festgeluecht soll ginn. Ob Grond vun deem Datum kann de Veräin deen interesséiert ass vir dës Epreuve ze organiséieren seng Kandidatur stellen.
All Veräin soll zwee Memberen stellen fir dem Organisateur ze hëllefen. Dat däerfen och d'Eltere sin.
D'Material fir dës Epreuve gëtt vun der Commission des Jeunes geliwwert.

5. **Nächste Course JEUNES as zu Bartreng (org. LG Bertrange) Sonndes Viirmëttes, de 17. September.**

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Programm: | 10:30 | Laafrad (Draisienne) Joergank 2021 1 mini Tiir. | | |
| | | Duerno Vëlo mat Pedallen Joergäng 2020-2018 1 bis 3 mini Tiir. | | |
| | 11:00 | BAMBI 1 | (2017) | 2 Tiir à 705 m |
| | | BAMBI 2 | (2016) | 3 Tiir à 705 m |
| | | BAMBI 3 | (2015) | 5 Tiir à 705 m |
| | | BENJAMIN 1 | (2014) | 4 Tiir à 1070 m |
| | | BENJAMIN 2+3 | (2013) | 5 Tiir à 1070 m. |

Delegéierten as : Richard Spautz

6. **Eis nächste Réuniounen.**

Et as festgehale gin, datt eis Réuniounen, ab elo, erëm am Café Gina Dumont zu Stroossen ofgehaale gin, an zwar **elo ëmmer ëm 19:30 Auer**. an zwar ëmmer den 2. Méindeg am Mount ausser an de Schoulvakanzen.

Hei mol bis Ufank 2024:

**Ëmmer ëm 19:30 Auer beim Gina, 162, route d'Arlon zu Stroossen**

**Méindes den 09.Oktober 2023 // 13.November 2023 // 11. Dezember 2023 /// 08.Januar 2024.**

Duerno leeë mir déi nächste Réuniounen bis d'Goussvakanz 2024 fest

7. **DIVERS.**

- **Budget.**

  De Präsident soll fir d'nächste Réunioun ee Budget proposéieren fir d'Joer 2024.

- **Dreckerei (Sponsor CK KIEFFER):**

  vum Fäscher (Entworf vum Alex Magar) mat de verschiddenen Epreuven déi beim Technikofzeechen mussen gefuer gin fir Traineren

vun de Veräiner  (250 Exemplären) an ee Poster mat den 10 Geboter beim Vëlofueren (Entworf Alex Magar) am Format DIN A 2 (42 x 59,4 cm) (100 Stéck) fir d'Veräiner.
De Präsident kontaktéiert  de Responsabelen vun CK KIEFFER op dat vir sie OK as. Mee, et gëtt nach gewaart bis mir ee QR Code entweckelt hun wou den Trainer dann direkt op déi verschidde Vidéoë vum Technikofzeeche kënnt.

- **<u>Commission des Jeunes:</u>**

An Zukunft soll offiziell eng „Commission des Jeunes" am Kader vun der FSCL figuréieren wou d'Memberen bei all FSCL-Geleeënheet (AGO, Kalennerkongress) sech, zesumme mat den anere Commissiounen, etc. présentéieren an d'Veräiner déi Leit och kenne léieren.
D'Veräiner si gebieden dem Sekretariat ee Member bis maximal 2 Memberen vun hierem Veräin viirzeschloen. (maximal 9 Memberen géife gebraucht gin). Déi géifen da fir ee Mandat (4 Joer) gewielt.

- **<u>Präisiwwerrechung  vum Trophée FSCL Jeunes.</u>**

D'Iwwerreechung (méi offiziell wéi elo) vun de Coupen un di Jonk ass fir am Laaf vu Januar 2024 proposéiert ginn.
Do misste mir awer ee Sall fannen wou +/- 90-100 Kanner met Elteren a Geschwëster kéinten empfaang gin an zwar hei am Land an net ze wäit fort. Wann do nàischt fonnt géif kéint och ee Vertrieder vun der Commission des Jeunes op d'Generalversammlung vum Veräin goen an do hiere JEUNES hier Trophäen iwwerreechen

- **<u>Leschte Course Jeunes vum vum Joer 2023 (Finale).</u>**

Den CT Atertdaul huet matgedeelt datt hier, am Fréijoer ofgesoten Epreuve, ee Samschdes, den 21. Oktober zu Réiden organiséiert gëtt. Dës Course JEUNES misst och an den offiziellen FSCL Kalenner stoe kommen.
Delegéierten: Richard Spautz

- **<u>Verschiddenes</u>**

Et soll mol versicht gin mat eise Belschen Noperen Kontakt opzehuelen, vir am Kader vun hierem BH Cup eng Manche ze fueren déi fir eis Lizenséiert    am FSCL-Generalklassement fir d'Jeunes géif zielen

Lëtzebuerg, den 12. September 2023.
Romain Engels
Sekretär